N° 6595
Entrée le 02.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.08.2022

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Artikel „*Keine Papiere, keine Zukunft*", deen de 25. Juli am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt zu Esch eng Rei Kanner an d'Schoul ginn, déi genau wéi hir Elteren net iwwert eng legal Openthaltsgeneemegung zu Lëtzebuerg verfügen. Deem zitéierten Artikel no kënnen déi Kanner allerdéngs net un internationale Schoulausflich deelhuelen. Weider heescht et, datt Schätzunge vu verschiddenen ONGen dovun ausginn, datt sech ronn 600 Leit ouni Pabeieren hei am Land ophalen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Ginn et aktuell Statistiken zu de Persounen déi sech aktuell ouni Openthaltsgeneemegung géifen am Land ophalen? Wann net ginn et Schätzungen?
2) Ginn et aktuell Statistiken zu der Unzuel vun "illegale Schüler", also Schüler déi keng Openthaltsgeneemegung hunn, am Lëtzebuerger Schoulsystem? Wéi deelt sech dëst op op d'Grondschoul an op de Lycée? Falls et keng Statistike gëtt, ginn et da Schätzungen?
3) Deelt d'Regierung déi Ausso, datt et zu Esch "ganz vill illegal Schüler" an der Schoul gëtt, also Schüler déi keng Openthaltsgeneemegung hunn? Ginn et genee Zuelen oder Schätzunge fir d'Gemeng Esch, respektiv fir aner Gemengen?
4) Aus wéi engem Grond dierfen déi Kanner net u grenziwwerschreidenden Ausflich matmaachen, wuelwëssend dass si um Territoire vu Lëtzebuerg jo a genee där selwechter Situatioun si wéi um Territoire vun eisen Nopeschlänner, an sech deemno jo näischt un hirer Situatioun ännert wann si an en anert Land en Ausflug maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Gemeinsam Äntwert vum Här Immigratioun an Asylminister an Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn an dem Här Educatiounsminister, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Ufro 6595 vum 2. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fred Keup**

1. *Ginn et aktuell Statistiken zu de Persounen déi sech aktuell ouni Openthaltsgeneemegung géifen am Land ophalen? Wann net ginn et Schätzungen?*

Et sief ënnert anerem op d'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 4293 vum 17. Mee 2021 verwisen.

2. *Ginn et aktuell Statistiken zu der Unzuel vun "illegale Schüler", also Schüler déi keng Openthaltsgeneemegung hunn, am Lëtzebuerger Schoulsystem? Wéi deelt sech dëst op op d'Grondschoul an op de Lycée? Falls et keng Statistike gëtt, ginn et da Schätzungen?*
3. *Deelt d'Regierung déi Ausso, datt et zu Esch "ganz vill illegal Schüler" an der Schoul gëtt, also Schüler déi keng Openthaltsgeneemegung hunn? Ginn et genee Zuelen oder Schätzunge fir d'Gemeng Esch, respektiv fir aner Gemengen?*

Den honorabelen Deputéierten deet wuel domadden, de Begrëff "illegale Schüler" tëschent Guillemeten ze setzen, well am Geescht vum Schoulpflichtsgesetz vum 6. Februar 2009 gëlle Schüler oder Schülerinnen ouni Openthaltsgeneemegung grad net als "illegal Schüler": Si wieren am Feeler, wa si zu Lëtzebuerg liewen an net an d'Schoul goe géifen.

Den Artikel 7 vun deem Gesetz bestëmmt: *"Tout enfant habitant le Luxembourg âgé de quatre ans révolus avant le premier septembre, doit fréquenter l'École. (...)"*. Den Text benotzt bewosst dat lapidaart Verb "habiter", grad ewéi de Virgängertext vun 1912, a keng Tournure mat engem éischter administrative Charakter ewéi zum Beispill "avoir sa résidence".

An deem Geescht sinn och d'Datebanke vun de Schüler a Schülerinnen esouwuel am Enseignement fondamental ewéi am Enseignement secondaire gehalen. De Statut vum Kand oder Jugendleche gëtt net erfaasst an ass deemno och net fir d'Schülerschaft vun enger bestëmmter Gemeng oder Stad statistesch ze erschléissen.

4. *Aus wéi engem Grond dierfen déi Kanner net u grenziwwerschreidenden Ausflich matmaachen, wuelwëssend dass si um Territoire vu Lëtzebuerg jo a genee där selwechter Situatioun si wéi um Territoire vun eisen Nopeschlänner, an sech deemno jo näischt un hirer Situatioun ännert wann si an en anert Land en Ausflug maachen?*

Fir an een anert Land ze reese mussen d'Areeskonditioune vun dem Land erfëllt sinn. Fir d'Participatioun un engem Schoulausfluch vu Kanner ouni gülteg Pabeiere ginn et dobäi speziell Reegelen a Konditiounen, déi all Land selwer festleet.

Wann déi Bedingunge fir dat jeeweilegt Land net erfëllt sinn, kann dat betraffent Kand leider net matmaachen.

Lëtzebuerg, 2. September 2022

(s.) Jean Asselborn

Immigratioun an Asylminister